GEMENG KÄERCH

# NEI WAASSER-PRÄISSER

AB DEM 1. JANUAR 2026

*Léif Biergerinnen, léif Bierger,*

*Mir wëllen Iech matdeelen, dass de Gemengerot a senger Sëtzung vum 17. September 2025 decidéiert huet, ab dem **1. Januar 2026** eng nei Tarifikatioun fir Drénkwaasser an Ofwaasser anzeféieren. Dëst ass noutwenneg, well déi aktuell Tarifikatioun zënter 2011 net méi ugepasst gouf.*

*Am Aklang mat der geltender Waassergesetzgebung déngt déi nei Tarifikatioun dozou, d'Käschte fir Entretien, Investissementer a modern Infrastrukturen besser ze decken, fir e qualitativ héichwäertegen a séchere Service fir d'Bierger ze garantéieren.*

*Dës Upassungen orientéiere sech un de Prinzipien „pollueur-payeur" an „utilisateur-payeur" a ginn no enger national harmoniséierter Method ëmgesat.*

*Wéinst der aktueller wirtschaftlecher Situatioun versti mir, dass dës Decisioun Froen opwerfe kann. Dowéinst ass hei e kuerze Réckbléck op d'Grënn, déi dës Decisioun motivéiert hunn.*

## TARIFIKATIOUN VUM DRÉNKWAASSER FIR STÉIT

Zënter 2011 ass d'Gemeng Käerch mat enger konstanter Präiserhéijung konfrontéiert, virun allem wéinst:

- Erhéijung vum Akafspräis vum Drénkwaasser beim Syndicat des Eaux du Sud (SES) vun 90% tëscht 2011 an 2025,
- Erhéijung vun de Personalkäschte vum Waasserdéngscht,
- Entretien an Ausbau vum lokale Réseau.

Fir och an Zukunft eng sécher a qualitativ Waasserversuergung ze garantéieren, ginn d'Tariffer ab dem 1. Januar 2026 ugepasst:

- **Fixen Deel:** vu 5,00 € op 10,20 € pro Millimeter Duerchmiesser vum Waasserzähler.
- **Variablen Deel:** vun 2,45 € op 3,30 € pro m³ verbrauchtem Waasser.


## KANAL-TAXEN (ASSAINISSEMENT)

No dem Prinzip „pollueur-payeur" ginn och d'Tariffer fir d'Ofwaasserbehandlung ugepasst:

- Reduktioun vum fixen Deel: vu 35 € op 28 € pro Persoun (équivalent habitant moyen - EHM), fir déi fix Belaaschtung vun de Stéit ze reduzéieren.
- Variablen Deel bleift onverännert: 2,80 €/m³ verbrauchtem Waasser.


# WAT BEDEIT DAT FIR IECH?

***Hei eng Schätzung baséiert op engem duerchschnëttleche Joresverbrauch vu 36 m³ pro Persoun an der Gemeng Käerch (an € HTVA):***










Fir d'Käschten nach méi fair opzedeelen, gouf och eng Iwwerpréiwung vun den Tariffer fir follgend Secteure gemaach:

- *HORECA, déi bis elo keen eegenen Tarif haten,*
- *Industrie a landwirtschaftlech Betriber.*

**Mir stinn Iech gär fir all weider Froen zur Verfügung.**

An dësem Kader sinn eis Servicer per Telefon ënner 288 355 200 oder per E-Mail op recette@koerich.lu fir Iech disponibel.

D'Gemeng Käerch